



# Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.

52, rue Pierre Hamer L- 4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24

E-mail: [flq@pt.lu](mailto:flq@pt.lu) - Website: [www.flq.lu](http://www.flq.lu)

Fondée en 1961 - Affilié au C.O.S.L. - Affilié à la F.I.Q.- WTBA - WNBA - EBFU - NBN

Péteng, den 11. Juni 2021

## **Concerne : Communiqué de presse du conseil d'administration**

De Conseil d'administration vun der Keelefederatioun huet a senger Sitzung vum 10. Juni 2021 d'Resultat vum Referendum vun der nationaler Sektioon approvéiert. Di national Veräiner hunn sech an dësem majoritär géint eng Reduzéierung an der Ekipp bei den Männer vu 6 op 5 Spiller ausgeschwat, esou dass déi Reform net wäert ëmgesat ginn an och an der nächster am bekannte existéierenden System bei de Männer weidergespillt gëtt. De CA wäert dëst Resultat als positiv, well dat e ganz wichtegen Indice ass, dass di meescht national Veräiner gutt duerch d'Pandemie komm sinn an se dovunner ausgi mat dem nammlechten Effektiv an der nächster Saison untrieden ze kennen.

Eng gutt Nouvelle kënn och aus dem Sportkeenenberäich. De Weekend vum 31. Juli gëtt déi éischt international Kompetitioun säit 2 Joer erëm gespillt. Mat den Häre A, Häre B an den Damme wäert d'FLQ zu Nordhorn um internationale Seniorevergläich vertrauede sinn. Dass d'Kompetitiounen um internationale Plang erëm ufänke kennen ass och e ganz wichtegt Element en vu vun der Weltmeeschterschaft 2022. Wéi d'FLQ jo schonns ugekënnegt hat, wäert des zu Péteng a QT Zenter stattfannen. Elo gëtt et awer scho méi Kloeerheet bei den Datumer. D'WM soll feierlech de 15. Juli ufänken a Samschdeg den 23. Juli 2022 ophalen. Wann een do vun enger WM schwätzt, ass dat warscheinlech, soufern d'Propositioon vun der NBS eng Majoritéit an der internationaler Konferenz fënnt, net méi ganz richtig, well dann dräi Disciplinweltmeeschterschaften, Einzel, Tandem an Ekipp, hannerenee gespillt wäerte ginn.

D'Renovéierungsarbechten am QT Zenter zu Péteng missten och elo a ganz noer Zukunft ofgeschloss sinn. An de kommenden Deeg soll d'Entreprise déi d'Bunne leet hire Planning eraginn, an der Hoffnung, dass de Chantier elo nach an dësem Summer op en Enn kennt. Dëst ass natierlech eng freedeg Nouvelle fir eise Classic a Sportberäich. Den internationale Verband, d'WNBA, huet och Interesse ugemellt d'nächst Joer eng international Hybridveranstaltung zu Péteng duerchzeféiere wou Classic a Sport matenee verbonne sollen ginn. D'FLQ wäert do mam Verband an engem Austausch bleiwen fir des Première eventuell zu Lëtzebuerg kennen ëmzesetzen.

De Kongress vun der FLQ fënnt den 11. September an der Däichhal zu Ettelbréck statt a mat den neie Restriktiounen schéngt et esou ze sinn, ewéi wann en wéi gewinnt kënn ofgehale ginn. Op jiddwerfalls ass ee voller Hoffnung, dass d' 'Situatioun weiderhi stabil bleift an esou déi nei Keelensaison wéi geplangt ufänke kann.

Mat de beschte Gréiss

ANDRE Sacha

Heures d'ouverture du secrétariat:

Les lundis, mercredis et vendredis de 14.00 à 18.00 heures.

Les mardis et jeudis de 09.00 à 11.30 heures (facultatives)